N° 7045
Entrée le 24.11.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°7045 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Réintégration de bénévoles auprès du CGDIS"**

Laut den Informatioune vum CGDIS ginn zu de gestalltene Froe keng spezifesch Statistiken opgestallt, soudatt et net méiglech ass, fir genee dorop z'äntweren.

Grondsätzlech kann een awer soen, datt

- Persounen, déi wéinst perséinleche Grënn eng Paus wëllen aleeën, net mussen aus dem CGDIS austrieden, mee d'Méiglechkeet hunn, eng *Suspension temporaire* vu maximal 5 Joer unzefroen. De Moment profitéieren 113 fräiwëlleg Pompjeeë vun dëser Mesure.
- Persounen, déi aus dem CGDIS ausgetruede sinn, nees kënne Member ginn, wa si d'Konditioune vum Artikel 9 vum Groussherzogleche Reglement vum 15. Juni 2018 iwwert déi fräiwëlleg Pompjeeë vum CGDIS erfëllen.

Lëtzebuerg, de 24/11/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding